N°3211
Entrée le 19.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 3211 vum 19. November 2025 vun dem éierbaren Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Sendemaste vu Jonglënster".**

1. **Wéi eng alternativ Sendeméiglechkeeten stinn dem Staat zur Verfügung, wann d'Antennen zu Jonglënster ofgebaut ginn?**

Déi Jonglënster Sendemasten aus de 1950'er Joren, déi en Deel vun der AM-Laangwellen-Sendeanlag vum franséischen RTL Radio Programm op 234 kHz sinn, si net gëeegent fir aner Kommunikatiounsservicer ze realiséieren. Och bei engem gréisseren oder laangwierege Stroum- oder Internetausfall hunn des Antennen keng direkt Relevanz. Dofir ginn och keng alternativ Sendeméichlechkeeten benéidegt wann des Infrastrukture net méi bestinn.

**2. Wéi bewäerten déi zoustänneg Institutiounen (CTIE, HCPN, etc.) den Ofbau vun den Antennen mat Hibléck op d'Kommunikatiounssécherheet (Risikobewäertung)?**

D'Kommunikatioun mat der Bevëlkerung, grad am Fall vun enger Krise, huet fir den HCPN eng héich Prioritéit. Wéi awer als Äntwert op d'Fro 1 ausgefouert, huet den Ofbau vun den Antennen zu Jonglënster keen Impakt op d'Kommunikatiounssécherheet.

Lëtzebuerg, den 19.Dezember 2025

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN